Aktivitéits Bericht 2025

Reegelméisseg Ereegnisser

- Mir haten 12 ChaosMeetings iwwert Joer verdeelt. Mir haten 24 oppe Méindeger wou interesseiert Leit konnte lanscht kommen.
- Desweideren ware mir mat 3 Pressernimmungen am Joer 2024 vertrueden.

Januar

Pot du président mat all den Memberen.

Februar

Neien Laangzäit Projet an Kooperatioun mat den Amateurfunker vu Letzebuerg an Ugreff geholl. Mir informéieren iwwert Mesh Technologie an bauen Funknetzwierker aus déi och ouni Internet Zougang funktionéieren.

Mäerz

Den 29ten Mäerz hunn mir beim "World Wide Open Hackerspace Day" matgemaacht, wou weltwäit Hackerspacen hier Dieren opgemeet hunn a sech dem Public gewissen hunn.

Abrëll

Hei hu mir vill um Freifunk Projet geschafft. Freifunk = Een gratis öffentlechen WLan, wou jiddereen kann matmaachen.

Mee

Internen Hackathon gestart, wou et drems gaangen ass, Schwachstellen an Router Firmware ze fannen.

Juni

Hackyard Mini Event. Een internt Event wou mir Technologie an Natur verbannen.
D'Sektioun vun den Bushcraft Nerds huet zu hirem Wandertour invitéiert.

Juli

Déi éischt Prototypen vun Autarken Meshnetzwierker goufen gebaut. Mat Hellef vun der Solartechnologie konnten mir Funk Prototypen bauen, déi och ouni fix Stroumquell funktionéieren.

August

Austausch mat der EDRi iwwert Netzpolitik an wéi eenzel lokal Akteuren hiren Deel derzou bäidroen, datt den Internet oppen a fräi fir jiddereen bléift.

September

Workshops ugebueden fir selwer Funknetzwierker opzebauen.

Oktober

Virstellung vu den neien 3D Drucker an den neien Méiglechkeeten. Och Resin Drucker goufen bei eis virgestallt a konnten ausprobéiert ginn.

November

Distributioun vun der "Datenschleuder" (Zeitung vum Chaos Computer Club) un déi 5 matmaachend Bibiliothéiken hei am Land. Notamment:

- Nationalbibliothéik
- Ourdall Bibliothéik
- Ettelbrécker Bibliothéik
- Escher Bibliothéik
- Veianer Bibliothéik

Dezember

Live streaming vum Chaos Communication Congress fir all déi, déi net selwer op den Kongress konnten fueren. Déi 3 Deeg waren natierlech oppen fir den public a gouf gutt besicht.

Weider gouf um Projet Meshnet geschafft, besonneg um Backend, sou datt eisen Funkprojet mat der wuessender Unzuel u Leit, kann mathalen.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:activity-reports:2025&rev=1771665826

Last update: **2026/02/21 10:23**